



**Äntwert vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6578 vum 29. Juli 2022 vun den honorabelen Deputéierte Carole Hartmann an Claude Lamberty iwwer d'Indemnitéiten am Kader vun de Centres de formation.**

**1) Wéi genee ass d'Prozedur an den Oflaf bis elo gewiescht fir dass déi Suen déi an de Centres de formation vun de Sportverbänn vun Trainer a Physiotherapeute geleescht ginn och bei de betroffenen Acteuren ukoumen?**

Wat elo d'Prozedur, respektiv den Oflaf vum Bezuele vun den Indemnitéite vun de verschiddenen Intervenanten an de Centres de formation ubelaangt, esou kommen iwwer de Sportlycée, deen zoustänneg ass fir d'Koordinatioun vun de federale Centres de formation, Deklaratiounen an de Sportsministère eran, déi monatlech vun den Intervenante selwer ausgefëllt ginn a vun engem Delegéierte vum Verband dann zertifizéiert ginn. D'Direktioun vum Sportlycée zertifizéiert an approuvéiert dann déi dozougehéierend Deklaratiounen.

D'Finanzdivisioun vum Sportsministère saiséiert dann déi eenzel "Ordres de paiement" fir d'Liquidatioun vun den Indemnitéiten an d'Weeër ze leeden.

No der Ënnerschrëft vum "Ordonnateur", dee laut de Bestëmmunge vum Artikel 22 vum ofgeännerte Budgetsgesetz vum 8. Juni 1999, d'Kompetenz huet fir Ausgaben z'engagéieren, liquidéieren an ordonnancéieren, an dëst ënnert senger Verantwortung, an deen och d'gesetzlech Verflichtung fir d'Legalitéit an d'Regularitéit vu sengem Handeln huet, ginn d'"Ordres de paiement" da weider un de Finanzkontroller, deem säi Rôle och am Budgetsgesetz festgehalten ass, fir Visa a Virement vum entspreche Betrag op de Kont vun deem jeeweiligen Intervenat, dëst dann iwwer d'"Trésorerie de l'État".

Wann et sech bei den Intervenanten ëm Staatsbeamten handelt, dann ass nach eng zousätzlech Etapp erfuerderlech. Ier dës Indemnitéiten, "cumuls" genannt, kënnen weider goe bei de Finanzkontroller fir Visa, muss ofgewart gi bis eng Autorisatioun vum Regierungsrat virläit. Dës Autorisatioun ginn am Prinzip eemol am Mount ausgestellt. Dono leeft dann déi selwecht Prozedur bis zu der Iwwerweisung un.

**2) Wat war an der Vergaangenheet d'Liesart a wat genee ass elo déi nei Interpretatioun vum Arrêté gouvernemental?**

Den Arrêté gouvernemental op dee sech hei bezu gëtt, ass en Arrêté vum 21. Dezember 2001 mat Effet op den 1. Januar 2002, aus enger Zäit an där d'Centres de formation nach vun der Ecole Nationale de l'Education Physique et des Sports (ENEPS) geréiert gi sinn, a wou et de Sportlycée nach net gouf, dee bekanntlech duerch d'Gesetz vum 21. Juli 2012 geschafe ginn ass.

Dëst erkläert dann och, datt dësen Arrêté vun 2001 verschiddelech interpretéiert ka ginn an eigentlech net méi der Zäit ugepasst ass.



**3) Sinn déi Responsabel vum Sportlycée, de Sportverbänn an dem COSL iwwert déi nei Interpretatioun informéiert ginn?**

Prinzipiell ass dëst allen Acteure scho bekannt gewiescht, et gouf och schon u verschiddene Piste geschafft fir dëst ze regulariséieren. Zulescht war dëst och e Sujet an der Sitzung vum 13. Juni 2022 vum Koordinatiounscomité vum Sportlycée, wou Verrieder vum Sportlycée, Sportsministère, Educatiounsministère a COSL vertrauede sinn.

**4) Säit wéini gouf déi nei Interpretatioun applizéiert? Wéi vill Leit sinn/ware vun der neier Interpretatioun concernéiert? Si méttlerweil all Prestatiounen déi gelescht gi sinn och ausbezuel ginn?**

Op de 25. Juli 2022 ware 40 Deklaratiounen vu 27 Intervenante fir eng Gesamtzomm vun 39.793,58 € am suspens am Sportsministère. An Tëschenzäit ass dann och d'Autorisatioun vum Regierungsrot do fir déi sougenannten "Cumulsdeklaratiounen" vun enger Gesamtzomm vu 7.039,65 €, déi dann och wäerten, nom Visa vum Finanzkontroller, déi nächst Woch kënnen iwwerwise ginn. Dee Moment sinn all Prestatiounen ausbezuel.

**5) Wéi ka séchergestallt ginn, dass déi betrafte Leit hir Prestatiounen an Zukunft och sécher bezuel kréien?**

Dëst ass an Tëschenzäit séchergestallt, well de Regierungsrot a senger Sëtzung vum 7. September 2022 een ugepassten Arrêté ugeholl huet.

**6) Denkt de Minister drun eng ganz nei gesetzlech Basis fir d'Zukunft ze schafen?**

Am Sënn vun der Rechtssécherheet wäert kuerzfristeg eng gesetzlech Basis geschafe ginn, fir d'Indemnitëte vun den Intervenanten an de Centres de formation per groussherzoglecht Reglement ze reegelen.

**7) Wa jo, wat gött envisagéiert? Ginn de COSL an aner Gremien aus der Sportswelt mat abezu fir dass méiglechst vill Informatiounen aus der Praxis vun der Sportswelt direkt consideréiert ginn a sech Problemer esou evitéiere loosse?**

Dëse Schrëtt ass scho gemaach a wäert da beim Ausschaffe vum Reglement weidergefouert ginn.

Luxembourg, le 26 septembre 2022

Le Ministre des Sports

(s.) Georges Engel